**Communiqué**

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2024

**300€ méi Mindestloun:**

## Endlech d'EU-Direktiv ëmsetzen!

Datt ee mam Mindestloun zu Lëtzebuerg net liewe kann ass statistesch beluecht. Doriwwer brauche mer also net ze diskutéieren. Dass d'EU eng Direktiv gestëmmt huet, déi d'Länner dozou brénge soll de Mindestloun op minimum 60% vum Brutto-Medianloun festzesetzen ass genausou eng Wourecht. Fir Lëtzebuerg bedeit dës Direktiv, datt de Brutto-Mindestloun misst ëm ongeféier 300 Euro gehéicht ginn. Trotzdeem, an dat ass leider och déi batter Realitéit, wëll eise Premier de Mindestloun hei am Land net serieux no uewe corrigéieren. Et soll bei der Upassung bleiwen, déi all zwee Joer per Gesetz gemaach gëtt a just assuréiert, datt de Mindestloun net zevill Wäert verléiert géigeniwwer de méi héije Paien. An dat obwuel den Aarbechtsminister Georges Mischo den 28. Februar 2024 gesot hat, als Äntwert op eng mëndlech Fro vum lénken Deputéierte Marc Baum, datt d'Aarbechte fir d'Ëmsetzung vun der Direktiv, déi och eng Stäerkung vun de Kollektivverträg fuerdert, am gaange wieren. Säitdeem hu mir näischt méi dovunner héieren.

Als déi Lénk musse mer leider constatéieren, datt d'Mëssuechtung vun de Besoine vu ville Leit haut esou krass ass, datt d'Regierung einfach eng Europäesch Gesetzgebung ignoréiert. Et muss ee wëssen, datt déi Leit mat de klenge Paien och déi sinn, déi hei am meeschten ënnert dem Drock um Wunnengsmaart leiden, well si meeschtens Locatairë sinn. An d'Loyeren, am Géigesaz zu de Kafpräisser, si weider erop gaangen. Hei gesi mer direkt dann och déi brutal Koherenz vum Luc Frieden senger Politik, well och de Logementspak näischt fir Locatairë mécht. Dobäi geet et hei ëm Mënschen, déi oft méi wéi 50% vun deene Suen déi se hunn an de Loyer musse stiechen. Do bleift also um Enn vum Mount kaum eppes iwwreg. Et dierf also och kee Wonneren datt den Taux vu „working poor", Leit also déi an Aarmut liewen obwuel se eng Schaff hunn,  erëm an d'Luucht geet an elo bei 14,7% Läit. Domat ass Lëtzebuerg d'Nummer 1 an der Euro Zone. Op Leit déi zu Lëtzebuerg fir de Mindestloun schaffen, kommen also an Zukunft nach méi haart Zäiten duer.

Als déi Lénk fuerdere mir nach ëmmer eng Erhéijung vun 300 Euro Mindestloun. Dës Zuel ass also net aus der Loft gegraff, mee berifft sech op eng Direktiv déi soll ëmgesat ginn. Mir hake weider no beim Aarbechtsminister a verlaangen eng Erklärung zu de géigesätzlechen Aussoen ënnerhalb vun dëser Regierung[1]. D'Direktiv muss bis de 15. November ëmgesat ginn. Et gëtt also héich Zäit.

---

[1] https://dei-lenk.lu/2024/06/19/question-parlementaire-relative-au-salaire-social-minimum/